Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mee 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Den 10. Mee huet e sécherheetsteschnechen Tëschefall um Findel 10 Fluchausfäll an 43 Verspéidungen ausgeléist. Ursaach war eng Pann bei de Metalldetektoren, entspriechend läit d'Verantwortung bei der Luxairport als Bedreiwer vum Findel. Eenzegen Aktionär ass mat 100 Prozent de Lëtzebuerger Staat. Den 22. Mee huet d'Firma op enger Pressekonferenz allerdéngs erkläert, déi betraffe Passagéier sollte fir d'éischt hir entspriechend Fluchgesellschaft fir eng Entschiedegung usichen, déi se dann duerno vu Luxairport géife rembourséiert kréien. Ausgerechent d'Luxair, un där de Staat direkt mat 39 Prozent bedeelegt ass an iwwert d'Participatioun vun der Spuerkeess esou guer als Majoritéitsaktionär, refuséiert awer lo kategoresch fir, fir Luxairport a Virleeschtung ze goen. Esou wéi et am RTL-Artikel "*Wie muss fir de Chaos um Findel blechen*?" vum 29. Mee heescht, géif deene betraffene Passagéier näischt anescht iwwereg bleiwen, wéi Luxairport viru Geriicht unzesichen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi ass déi Decisioun vu Luxairport begrënnt, fir déi betraffe Passagéier net direkt mee nëmmen iwwert den Ëmwee vun de Fluchgesellschaften ze entschiedegen?
2) Gesäit d'Madamm Minister vir, fir hei ze intervenéieren a sämtlech Acteuren un een Dësch ze bréngen, fir, datt déi betraffe Passagéier elo endlech séier, onbürokratesch an ugemoossen entschiedegt ginn? Falls net, firwat net?
3) Wéi wëll d'Madamm Minister dem internationalen Imageschued begéinen, deen dem Fluchhafe Lëtzebuerg duerch dës Affär schonn entstanen ass an deen nach vill méi grouss wäert ginn, falls d'Fro vun der zivilrechtlecher Responsabilitéit weiderhin esou vag bleift?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten